

бабушки

# D'SOPHIE A SENG SPROOCHEN

SOPHIE ET SES LANGUES

Text **Christine Hélot**

Illustratiounen **Uxue Arbelbide Lete**

lwwersetzung **Tessy Meintz**

**DULALA**  
D'UNE LANGUE A L'AUTRE

DULALA ass eng Associatioun, déi op d'Been gestallt gouf fir d'Education vun der sproochlecher Diversitéit vum jonken Alter un ze favoriséieren. Am Kader vun hire Missiounen entwéckelt si pädagogesch Material fir Professioneller aus der Erzéiung a fir Elteren.

No Les langues de chat, ass d'Sophie a seng Sproochen deen zweeten Album, dee fir e jonke Publikum vun der Associatioun erausbruecht gouf.

Dësen Album gouf a méi wéi 30 Sproochen iwwersat. Dir fannt dës Iwwersetzungen op der Internetsäit vun DULALA.

DULALA est une association créée pour favoriser une éducation à la diversité linguistique dès le plus jeune âge. Dans le cadre de ses missions, elle élabore des outils pédagogiques à destination des professionnels de l'éducation et des parents.

Après Les langues de chat, Sophie et ses langues est le deuxième album jeunesse édité par l'association.

L'album a été traduit dans plus de 30 langues. Retrouvez ses traductions sur le site internet de DULALA.

[www.dunelanguelaautre.org](http://www.dunelanguelaautre.org)

© DULALA 2014

ISBN 978-2-37122-030-0

## D'SOPHIE A SENG SPROOCHEN

SOPHIE ET SES LANGUES

Text **Christine Hélot**

Illustratiounen **Uxue Arbelbide Lete**

Iwwersetzung **Tessy Meintz**



**D'SOPHIE A SENG  
SPROOCHEN**

—

Moien! Ech heesche Sophie.  
Ech si virun net ze laanger Zäit op d'Welt komm.  
Ech soen nach net vill, just nëmme bla bla...  
fir mengen Elteren ee Gefalen ze maachen.

Bonjour ! Je m'appelle Sophie.  
Je suis née il n'y a pas très longtemps.  
Je ne dis pas encore grand-chose,  
que des areuh areuh ...  
pour faire plaisir à mes parents.



Meng Elteren awer, schwätze vill mat mir,  
mee net an där selwechter Sprooch.  
Meng Mamm schwätzt mat mir Franséisch  
a mäi Papp Englesch.

*Bonjour mon petit cœur !<sup>1</sup>*  
*seet meng Mamm wann ech Moies opstinn.*


*Piwi darling, why won't you go to sleep ?<sup>2</sup>*  
freet mäi Papp mech Owes, wann hie mech an d'Bett leet.

Mes parents, ils me parlent beaucoup par contre,  
mais pas dans la même langue.  
Ma Maman me parle en français  
et mon Papa me parle en anglais.

*Bonjour mon petit cœur !*  
dit Maman quand je me réveille le matin.

*Piwi darling, why won't you go to sleep ?*  
me demande mon Papa le soir quand il me met dans mon lit.

1. Moie mäin Häerz!
2. Piwi Schatz, firwat wëlls du net schlofe goen?



Piwi ass de Spëtznamm dee si mir viru menger  
Gebuert ginn hunn.  
Ech hunn och een zweeten Numm: PERSEPHONE!  
Dat ass en Numm vun enger griichescher Gëttin.


Piwi c'est le petit nom qu'ils m'ont donné  
avant ma naissance.  
J'ai aussi un deuxième nom : PERSEPHONE !  
C'est le nom d'une déesse grecque.





Hutt dir meng Geschicht verstan?  
Meng Eltere wëllen, dass ech zweesproocheg ginn!  
Ech weess net richtig, wat dat heescht,  
mee mir gefällt et, wann d'Mamm mir franséisch Gedichter virliest  
an ech hunn et gär, wa mäi Papp mir Englesch Lidder virséngt.

Vous avez compris mon histoire ?  
Mes parents veulent que je devienne bilingue !  
Je ne sais pas trop ce que ça veut dire mais  
j'aime bien quand ma Maman me récite des poèmes en français  
et j'adore quand mon Papa me chante des chansons en anglais.



Meng Mamm, si schwätzt och Spuenesch.  
Si huet am Ecuador an duerno an Argentinie gelieft,  
si huet Däitsch an der Schoul geléiert, a Portugisesch a Brasilien.

A mäi Papp hie schwätzt Franséisch,  
well hien a Kanada an a Frankräich an d'Schoul gaang ass,  
Däitsch, well hien an der Schwäiz geschafft huet,  
an dir kommt ni drop,  
elo léiert hie Chinesesch a Swahili!  
Hie wëll an de Kenia goen, fir Leit ze behandelen, déi krank sinn.

Ma Maman, elle parle aussi espagnol.  
Elle a vécu en Equateur puis en Argentine,  
elle a appris l'allemand à l'école, et le portugais au Brésil.

Et mon Papa il parle français  
parce qu'il est allé à l'école au Canada et en France,  
allemand parce qu'il a travaillé en Suisse,  
et vous ne devinez jamais,  
maintenant, il apprend le chinois et le swahili !  
Il veut aller au Kenya, soigner les gens qui sont malades.






Elo muss ech iech awer vu menge Grousseltere schwätzen.  
Fir d'éischt, ech hunn der fënnef, zwou Bomaen an dräi Bopaen.  
Mengem Papp seng Mamm, dat ass d'Oma, si ass an der Schwäiz.  
Si schwätzt Schwäizerdäitsch, Englesch a Franséisch.  
Meng Mamm wéilt, dass d'Oma matt mir Schwäizerdäitsch schwätzt.

Maintenant il faut que je vous parle de mes grands-parents.  
D'abord j'en ai cinq, deux grands-mères et trois grands-pères.  
La mère de mon père, c'est Oma, elle est suisse.  
Elle parle le suisse allemand, l'anglais et le français.  
Ma Maman voudrait que Oma me parle en suisse allemand.



Mengem Papp säi Papp nennen ech Grand-Papa,  
hien ass Kanadier, hie schwätzt Franséisch an Englesch,  
mee säi Franséisch ass anescht wéi dat vu menger Mamm,  
et ass méi melodesch.

Le père de mon père, je l'appelle Grand-Papa,  
il est canadien, il parle français et anglais,  
mais son français est différent de celui de ma Maman,  
il est plus chantant !



Menger Mamm hire Papp, hien ass Irlänner,  
schwätzt Englesch, Gälesch an och Franséisch.  
Ech nennen hie Gramps oder einfach Grandad.  
Hie schafft am Ghana.

Le père de ma mère, il est irlandais,  
il parle anglais, gaélique et français aussi.  
Je l'appelle Gramps ou tout simplement Grandad.  
Il travaille au Ghana.



Menger Mamm hir Mamm, si ass Fransousin,  
a si schwätzt Englesch.  
Ech nenne si Babou well si ass meng Babouchka.  
Mee Russesch schwätzt si net.

La mère de ma mère, elle est française,  
et elle parle anglais.  
Je l'appelle Babou parce que c'est ma babouchka.  
Mais le russe, elle ne le parle pas.



Meng Babou leeft mat mengem drëtte Bopa.  
Hien ass de Grapi, fir Wäindrauw,  
frot mech net firwat!

Mäi Grapi ass de Meeschter vun de Sproochen,  
hie schwätzt Franséisch, Englesch an Däitsch, an e bësse Spuenesch an Italienesch.  
Hie léiert Hebräesch, Griichesch, Latäin, a souguer Armenesch.

Wéi de Grapi kleng war, huet hie Polnesch mat sengen Eltere geschwat,  
mee hien ass a Frankräich an d'Schoul gaangen an huet do säi ganzt Polnesch vergiess.

Ma Babou vit avec mon troisième grand-père.  
Lui, c'est Grapi, pour grappe de raisin,  
ne me demandez pas pourquoi !

Mon Grapi, c'est le champion des langues,  
il parle français, anglais et allemand, un peu d'espagnol et d'italien.  
Et il apprend l'hébreu, le grec, le latin et même l'araméen.

Quand Grapi était petit, il parlait polonais avec ses parents  
mais il est allé à l'école en France et il a oublié tout son polonais.





An elo, mengt dir déi Geschicht vun de Sprooche wär fäerdeg?  
Ma nee, well ech hunn och Monnien, Tattaen, Cousinen a Cousineën  
a si wunnen alleguer a verschiddene Länner:  
ech hunn e Monni an Irland, eng Tatta an de baskesche Länner,  
eng Tatta a Kanada, eng aner an Amerika,  
an nach ee Monni an eng Tatta an der Schwäiz.  
Si schwätzen alleguer lauter verschidde Sproochen.

Et maintenant,  
vous croyez que cette histoire de langues est terminée ?  
Et bien non, parce que j'ai aussi des oncles, des tantes,  
des cousins et des cousines  
et ils habitent tous dans des pays différents :  
j'ai un oncle en Irlande, une tante au Pays Basque,  
une tante au Canada, une autre aux Etats-Unis  
et encore un oncle et une tante en Suisse.  
Ils parlent tous et toutes plein de langues différentes.





Ah, ech hunn eppes vergiess, ech hunn och eng Ugroussmamm,  
Si schwätzt nëmme Franséisch,  
mee si kann e puer Wierder op Englesch soen,  
a wéi si Spuenesch geléiert huet,  
huet si d'ganzt Haus voll mat spuenesche Wierder gepecht.

Sou, elo kennt dir meng ganz Famill.

Ah, j'oubliais, j'ai aussi une arrière-grand-mère !  
Elle ne parle que le français,  
mais elle sait quelques mots d'anglais.  
Et quand elle apprenait l'espagnol,  
elle a collé des mots espagnols partout dans sa maison.

Voilà, vous connaissez toute ma famille.



Usech nach net ganz!  
Ech verroden iech e Geheimnis:  
D'nächst Joer kréien ech e Cousin,  
e kleng baskeschen, franséischen, irlänneschen, spuenesche Cousin.

Enfin pas tout à fait !  
Je vais vous dire un secret :  
l'an prochain, j'aurai un cousin,  
un petit cousin basque, français, irlandais et espagnol.




Ech, wann ech grouss sinn,  
maachen eng Weltrees,  
begéine vill Leit  
a léieren hir Sproochen.

A wann ech Kanner kréien  
maachen ech et wéi mäi Papp a meng Mamm,  
ech sängen hinne Lidder  
an all de Sprooche vun der Welt.

Moi, quand je serai grande,  
je ferai le tour du monde,  
je rencontrerai plein de gens  
et j'apprendrai leurs langues.

Et quand j'aurai des enfants,  
je ferai comme mon Papa et ma Maman,  
je leur chanterai des chansons  
dans toutes les langues du monde.





## D'SOPHIE A SENG SPROOCHEN

D'Sophie ass op d'Welt komm.  
Hatt stellt eis seng Famill vir,  
eng grouss Famill, déi bëssen iwverall op der  
Welt leeft, eng Famill an där ee vill Sprooche  
schwätzt. Gëtt hatt elo zweesproocheg, wéi  
seng Elteren dat wënschen?

## SOPHIE ET SES LANGUES

Sophie vient de naître.  
Elle nous présente sa famille,  
une grande famille qui vit un peu  
partout dans le monde, une famille  
dans laquelle on parle beaucoup  
de langues. Deviendra-t-elle bilingue  
comme ses parents le désirent ?